N°4149
Entrée le 22.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°4149 vum 27. Mee 2026 vum éierbaren Deputéierten Fred Keup betreffend d'"Interprétation de la notion de "niveau" dans le cadre des normes de sécurité des logements locatifs".**

1. **Wéi gëtt den "Niveau" an dësem Fall definéiert? Handelt et sech just ëm déi Stäck, déi effektiv als Wunnfläch genotzt ginn oder zielt dozou d'Gesamtzuel vun den Uewerflächen an engem Gebai?**

Dat groussherzoglecht Reglement vum 20. Dezember 2019 (*Règlement grand-ducal du 20 décembre 2019 déterminant les critères minimaux de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité auxquels doivent répondre les logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation*), dat d'Mindestkrittären bestëmmt, enthält keng Definitioun vum Begrëff „Niveau" sou wéi en am Artikel 8, Alinéa 3 benotzt gëtt.

Dëse Begrëff ass och net am Gesetz vum 20. Dezember 2019 (*Loi du 20 décembre 2019 relative aux critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation*) iwwert d'Krittären vun der Salubritéit definéiert.

Well eng spezifesch Definitioun am Text feelt, muss de Begrëff „Niveau" am Sënn vu senger gewéinlecher technescher Bedeitung interpretéiert ginn. E bezeechent all strukturell ënnerscheedbar horizontal Fläch vun engem Gebai. Dës Interpretatioun ëmfaasst am Prinzip all Stack vun engem Gebai, also och de Keller an de Späicher.

D'Reglement vun 2019 bezitt sech awer allgemeng just op Wunnflächen, well den Artikel 8 schwätzt vun der Fläch vun den Zëmmer an de kollektive Réimlechkeeten déi méi wéi 300 m² a méi wéi 3 Stäck hunn:

*« Pour tout immeuble dont la surface des chambres et locaux collectifs dépasse 300 m², qui a plus de trois niveaux ou qui est composé de plus de huit chambres, l'accès à la cage d'escalier se fait par des cloisons coupe-feu pendant 60 minutes et des portes coupe-feu pendant 30 minutes et par des cloisons et portes coupe-fumée. »*

An engem Gebai mat méi Niveaue sinn deemno och just déi Niveauen ze ziele wou Wunnflächen drop sinn.

2. **Wéi gëtt dës Reegelung am Fall vun Demandë fir entspriechend Gebaier an d'Locatioun ze ginn, respektiv zu deem Zweck ëmzebauen, ausgeluecht? Wéi vill där Demandë goufe säit dem Bestoe vum Reglement gestallt? Wéi vill goufen der am Bezuch op dee genannte Passage geneemegt, respektiv ofgeleent?**

Laut dem Artikel 4 vum Gesetz vum 20. Dezember 2019 läit d'Kontrollkompetenz fir Wunnengen an Zëmmer, déi zu Wunnzwecker verlount oder zur Verfügung gestallt ginn, beim Buergermeeschter vun der betraffener Gemeng. D'Deklaratiounspflicht, déi am Artikel 3 vum selwechte Gesetz virgesinn ass, ass och beim Buergermeeschter ze erfëllen. Dës Mechanismen sinn also op Gemengenniveau organiséiert, ouni e Mechanismus zur zentraliséierter Remontée op nationalem Niveau.

Et gëtt dofir bis haut keen national zentraliséiert Regëster vun den Deklaratioune vum Artikel 3 vum Gesetz. Dat selwecht gëllt fir d'Entscheedungen, déi d'Buergermeeschteren am Zesummenhang mat den Ufuerderunge vum Artikel 8, Alinéa 3, vum groussherzogleche Reglement geholl hunn. Donnéeën iwwert d'Zuel vun den Ufroe fir d'Verlounen oder den Ëmbau, déi zënter dem Akraafttriede vum Reglement deposéiert goufen, souwéi iwwert d'Zuel vun de Dossieren, déi am Zesummenhang mat de Bestëmmunge betreffend de Brandschutz ugeholl oder ofgeleent goufen, falen an d'exklusiv Kompetenz vun de Gemengeverwaltungen a sinn dem Ministère net bekannt.

3. **Gesäit den Här Minister vir, den Text vun deem genannte groussherzogleche Reglement un där Plaz zäitno ze preziséieren? Falls net firwat net?**

Aktuell gëtt eng Reform vum Gesetz vun 2019 ausgeschafft. Dës Reform beträfft de ganze legislativen a reglementaresche Kader esou wéi en aktuell a Kraaft ass.

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch